LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 08 AVR. 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 08:12, 09/04/2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1939 du 27 février 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la passerelle cycliste sous le Pont Adolphe tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n°1939 vum 27. Februar 2020 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen iwwert „Passerelle cycliste sous le Pont Adolphe"**

***Ass bei de Berechnunge fir d'Vëlospasserelle ënnert der Adolphesbréck un d'eventuell Méibelaaschtung duerch esou Klauschtere geduecht ginn?***

Bei de Berechnunge fir d'Vëlospasserell ënnert der Adolphesbréck ass déi eventuell Méibelaaschtung duerch Klauschteren um Gelänner net mat aberechent ginn. Dëse stellt nämlech keen offizielle Belaaschtungsfall no den aktuellen europäeschen Normen duer an ass deementspriechend och net zu Lëtzebuerg virgesinn.
Bei Brécken am Ausland déi an engem änleche Fall sinn, gi Klauschteren duerfir wann et vum Gewiicht hier zevill kéint ginn, haaptsächlech fir d'Gelänner selwer, erofgeholl. Bei eis stellt sech de Problem bis elo net, a sollten der opgehang ginn, gi se direkt erofgeholl.

***Wéi vill därer Schlässer kann d'Passerelle verkraaften, an zwar um Niveau vum Drotnetz, dat als Sécherheet gespaant ass, um Niveau vun der Passerelle selwer an um Niveau vun de Strukturen vun der Adolphesbréck, un där deen Ensembel hänkt?***

D'Gelänner a Kombinatioun mam Drotnetz ass drop ausgeluecht de Foussgänger an de Vëlosfuerer virum Stuerz an d'Déift ze schützen. Ganz allgemeng kann een awer soen dass e puer där Klauschteren net problematesch sinn. D'Passerell genee ewéi d'Verbindung vun dëser un d'Adolphesbréck sinn dorop ausgeluecht, Menschenusammlungen an och esouguer e liicht Gefier (ënner 3 Tonnen, dëst fir Noutfäll oder Entretiensaarbechten) ze droen.

***Ass d'Konstruktioun vun der Passerelle, déi ënnert der Adolphesbréck hänkt, e Modell, dee statesch problematesch ass, oder ass de Risiko verglaichbar mat de Seine-Brécken?***

D'Vëlospasserell ënnert der Adolphesbréck ass statesch gesi kee kritesche Modell an ass no den aktuellen Norme berechent ginn.

***Sinn de Wand an eng eventuell ongläich Gewiichtsverdeelung op deenen zwou Säite vun der Bréck Parameteren, déi d'Aschätzung vun der Gefor nach méi kompliz éiert maachen?***

Fir d'statesch Berechnung vun der Vëlospasserell ass no den aktuellen Normen och de Laaschtfall vum Wand betruecht ginn. An deene Berechnunge sinn och déi ongënschsteg Laaschtfäll betruecht ginn, ewéi zum Beispill eng ongläich Gewiichtsverdeelung op der Passerell.

***Wat fir eng Belaaschtung fir d'Passerelle gëtt duerch d'Gewiicht vun 1.000 Schlässer verursaacht a wéi vill Schlässer kann d'Konstruktioun an deem Fall problemlos verkraaften?***

Dës Fro stellt sech nët, well se, wéi gesot, erof geholl ginn.

***Ass eventuell dru geduecht deen diskreten Drot duerch e visuell méi stéierend Material ze ersetzen, dat d'Ophänke vu Schlässer géing onméiglech maachen?***

D'Wiel fir hei en dezenten Drot ze benotzen ass d'Resultat vun engem architektonesche Konzept. Hei ass bewosst eng filigran Ausféierung gewielt ginn, déi engersäits dem Foussgänger an dem Vëlosfuerer d'Méiglechkeet gëtt, déi faszinant Blécker erof an de Péitrussdall ze genéissen, an anerersäits beim Bléck aus dem Péitrussdall erop praktesch nët sichtbar ass.

***Sollt et an Zukunft néideg ginn, Schlässer aus Sécherheetsgrënn vun der Bréck ewechzemaachen, wien hëlt déi Decisioun a wie féiert d'Aarbechten aus?***

Eng Méibelaaschtung duerch Klauschteren ass net erwënscht, dofir gi Schlässer, wann der iwerméisseg vill do hänken, duerch d'Agente vun der Stroossebauverwaltung ewechgeholl.